Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Question écrite n°4871

Exploitation des surfaces agricoles

Déposée par: *Lemaire Michel*
Adressée à: *Hansen Martine, Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture*
Déclarée recevable le: *06.10.2026*
Date limite de réponse: *05.11.2026*

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Cliärref, de 6. Oktober 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Et besti verschidde finanziell Ureizer fir déi landwirtschaftlech Acteuren, wa si Agrarfläche manner intensiv bewirtschaften an z.B. méi Raum loosse fir Biodiversitéit.

Gläichzäiteg ass een awer beméit, d'Leit ze sensibiliséieren, méi regional a lokal produzéiert Liewensmëttel ze kafen. Wa mir als Land manner ofhängeg wëlle si vum Import vu Liewensmëttel, ass et dofir sënnvoll, nieft der Bestriewung fir méi Biodiversitéit och d'Noutwennegkeet vun enger méiglechst ertragräicher Notzung vun Ackerland net aus den Aen ze verléieren, well Lëtzebuerg elo schonn – souwuel bei der Biolandwirtschaft, wéi och bei der konventioneller Landwirtschaft – ganz héichwäerteg Liewensmëttel produzéiert, wat och Hand an Hand mat Landschaftspfleeg an Naturschutz geet.

An deem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Kann d’Madamm Minister déi verschidde Primmen respektiv finanziell Ureizer opschlësselen, vun deenen déi landwirtschaftlech Acteure respektiv Landbesëtzer profitéieren, wa si déi betreffend Ackerflächen net intensiv bewirtschaften?

2. Wéi vill Ufroe fir déi jeeweileg Hëllefe goufen – opgeschlësselt op d’Joer 2021, 2022, 2023, 2024 an 2025 – un déi zoustänneg Instanz geriicht a wéi vill dovunner goufen och accordéiert?

3. Kann d’Madamm Minister opschlësselen, wéi vill Prozent vun allen Agrarflächen, déi potenziell kéinten intensiv genotzt ginn, aktuell manner intensiv bewirtschaft ginn, well hir Besëtzer vun deene genannte Primmen respektiv Hëllefe profitéieren? Ëm wéi eng Gesamtfläch handelt et sech hei?

4. Wéi héich ass de Montant – och opgeschlësselt op d’Joren 2021, 2022, 2023, 2024 an 2025 – dee pro Joer insgesamt a Form vu Primme fir dësen Zweck ausgi gouf?

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4871 vum 6. Oktober2026 vum éierewäerten Deputéierten Lemaire Michel

1. Kann d'Madamm Minister déi verschidde Primmen respektiv finanziell Ureizer opschlësselen, vun deenen déi landwirtschaftlech Acteure respektiv Landbesëtzer profitéieren, wa si déi betreffend Ackerflächen net intensiv bewirtschaften?

Fir Akerflächen op deene keng intensiv Bewirtschaftung stattfënnt, gëlle follgend Primmen:

- "Beihilfen zur Anlage von nicht produktiven Flächen". Op Akerland ass dat d'Optioun "Stilllegungsflächen auf Ackerland mit Blühmischung" wou een 1 200 €/ha Bäihëllef kritt.
- "Beihilfe zur Anlage von nicht produktiven Streifen". Op Akerland sinn dat d'Optiounen:
  - "Streifen auf Ackerland oder Dauerkulturen mit spontanem Bewuchs" mat 800 €/ha;
  - "Streifen auf Ackerland oder Dauerkulturen mit Graseinsaat" mat 590 €/ha;
  - "Streifen auf Ackerland oder Dauerkulturen mit Blühmischung" mat 1 230 €/ha.
- Biodiversitéitsprimmen. Hei ginn et och verschidden Varianten op Aker:
  - "Blühstreifen für Feldvögel und Insekten - einmaliges Einsäen" mat 1 300€ €/ha;
  - "Blühstreifen für Feldvögel und Insekten - jährliche Erneuerung um 50%" mat 1 550 €/ha.
- Verréngert Stëckstoffdüngung op Aker:
  - Akerkulturen (außer "Hackfrüchte"): 200 €/ha;
  - "Hackfrüchte": 225 €/ha.

2. Wéi vill Ufroe fir déi jeeweileg Hëllefe goufen – opgeschlësselt op d'Joer 2021, 2022, 2023, 2024 an 2025 – un déi zoustänneg Instanz geriicht a wéi vill dovunner goufen och accordéiert?

	net produktiv Flächen op Aker (ha)		net produktiv Strëppen op Aker (ha)		Biodiversitéitprimmen op Aker (ha)		verréngert Stéckstoffdüngung (ha)	
	ugefrot	zeréckbehal	ugefrot	zeréckbehal	ugefrot	zeréckbehal	ugefrot	zeréckbehal
2021	n/a	n/a	232,63	228,74	53,26	53,26	2.537,92	2.396,47
2022	n/a	n/a	234,48	230,78	60,53	60,53	3.096,32	2.880,22
2023	145,02	140,48	343,93	337,43	53,45	53,45	7.500,69	7.439,72
2024	321,32	313,22	408,45	403,4	208,32	204,3	9.078,20	9.049,81
2025	420,83	409,36	502,6	491,42	302,14	301,86	9.594,91	9.565,81

3. Kann d'Madamm Minister opschlësselen, wéi vill Prozent vun allen Agrarflächen, déi potenziell kéinten intensiv genotzt ginn, aktuell manner intensiv bewirtschaft ginn, well hir Besëtzer vun deene genannte Primmen respektiv Hëllefe profitéieren? Ëm wéi eng Gesamtfläch handelt et sech hei?

Am Joer 2025 konnten 53.882,77 ha Agrarflächen (Akerflächen) **an deenen uewe genannte Mesurë gemellt ginn**. Wann een de Cumul vun den zeréckbehalenen Hektaren hëlt, entsprécht dat dann 19,87 % vun de gesamten Akerflächen, déi manner oder net intensiv bewirtschaft ginn sinn.

4. Wéi héich ass de Montant – och opgeschlësselt op d'Joren 2021, 2022, 2023, 2024 an 2025 – dee pro Joer insgesamt a Form vu Primme fir dësen Zweck ausgi gouf?

	net produktiv Flächen op Aker	net produktiv Strëppen op Aker	Biodiversitéitsprimmen op Aker	verréngert Stéckstoffdüngung op Aker
	Montant	Montant	Montant	Montant
2021		267.354,70 €	43.802,10 €	438.552,80 €
2022		260.347,30 €	49.408,70 €	502.290,70 €
2023	165.094,32 €	342.202,97 €	41.668,20 €	1.521.505,15 €
2024	365.544,48 €	395.884,32 €	254.668,39 €	1.852.442,55 €
2025	475.589,40 €	498.003,97 €	1.920,32 €	1.954.620,23 €

De totale Montant beleeft sech op 9.430.900,60 €.

Lëtzebuerg, den 28. Oktober 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau